ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Minister fir Ëffentlech Bauten weiderzeleeden.

Laut net offiziell confirméierten Informatiounen sollen an Zukunft ronn 50% vun den historesche Garen am Land ofgerappt ginn.

Dofir wollt ech der Regierung folgend Froë stellen:

1. Kënnen d'Ministeren dëst confirméieren an/oder weider Detailer dozou ginn?

2. Wéi eng historesch Garen sinn aktuell geplangt fir zerstéiert ze ginn?

3. Ass d'Regierung net der Meenung datt déi ëffentlech Instanzen wéi de Fonds du rail, d'CFL an anerer sollte virbildlech mat eisem Patrimoine ëmgoen, an esou och den eenzele Proprietäre weisen wéi een dës historesch Gebaier fir d'Zukunft erhält?

4. An der Schwäiz ass bei Ëmbauaarbechten op der Gare vun "Zürich Oerlikon" déi 80 Meter laang, 12 Meter breet an 6.200 Tonne schwéier historesch erhalenswäert Maschinnefabrik ëm 60 Meter deplacéiert ginn. (Gebäudeverschiebung MFO-Gebäude, Oerlikon). Wier dës Prozedur méiglecherweis eng Iddi fir zu Lëtzebuerg wäertvoll Bausubstanz ze erhalen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten